N°1079
Entrée le 21.08.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

**Äntwert vum Här Sportsminister op d'parlamentaresch Fro n°1079 vum 31. Juli 2024 vum honorabelen Deputéierte Jeff Engelen.**

1) **Wéi wëll d'Regierung d'Entwécklung vun de Lëtzebuerger Sportsinfrastrukture virundreiwen?**

D'Entwécklung vun de Sportsinfrastrukture gëtt via Fënnefjoresplàng gereegelt. An deem Kader gëllt et ze betounen, dat den aktuelle Fënnefjoresplang eng Budgetsenveloppe vun 120 Milliounen Euro virgesäit, fir, via Subsiden, d'Gemenge finanziell beim Bau vu Sportinfrastrukturen z'ënnerstëtzen.

D'Entwécklung vu Sportinfrastrukturen dierf awer net nëmmen iwwer eng finanziell Bedeelegung geschéien. An deem Sënn notze mir an Zukunft den Input vun de Sportkoordinatoren an de Gemenge fir dat mir déi kommend Sportinfrastrukturen, zesumme mat de Gemengen, multifunktionell gestalten an op d'Besoin'e vun deene verschiddenen Acteuren upassen.

2) **Wéi eng Moyene wëll d'Regierung asetzen, fir méi an nach besser Traineren unzezéien?**

Sou wéi ech dat an de leschte Méint schonn e puer Mol betount hunn, wëlle mir déi organisationnell Kapazitéite stäerken. Dozou zielt natierlech och dat mer héich qualifizéiert Trainer an d'Federatioune, sou wéi och an d'Veräiner kréien. Dofir schaffe meng Servicer aktuell u verschiddene Modeller wéi mer d'Federatiounen an d'Veräiner finanziell esou kënnen ënnerstëtze fir dat si dës Trainer kënne finanzéieren.

Parallel gëllt et awer och, Traineren hei am Land op de selwechte Stand vun der Qualifikatioun ze bréngen, an de Beruff vum Trainer esou attraktiv ze gestalten dat déi Leit déi hei am Land ausgebilt ginn och haaptberufflech als Trainer wëlle schaffen. An dësem Beräich schafft dem Sportsministère seng Verwaltung, den INAPS, aktiv, souwuel u méigleche Bildungsweeër wéi och u qualitativ héichwäertege Formatiounen déi op d'Besoin'e vum Terrain zougeschnidde sinn.

3) **Wéi eng Moyene wëll d'Regierung asetzen, fir méi Trainingsgruppen op héchstem Niveau ze hunn? Wëll sech d'Regierung hei un eisen Nopeschlänner inspiréiren?**

D'olympesch Spiller zu Paräis waren déi ideal Geleeënheet fir sech mat den auslänneschen Homologen auszetauschen an Iddien ze kréie, wéi mir d'Trainingsëmfeld vun eisen Elittesportler esou kënne gestalte fir dat si och an Zukunft konkurrenzfäeg sinn. Elo gëllt et mat alle concernéierten Acteuren un de néidege Stellschrauwen ze dréine fir de Leeschtungs- an Héichleeschtungssport nohalteg ze fërderen.

**Lëtzebuerg, den 21. August 2024**
Le Ministre des Sports
(s.) Georges Mischo